adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 15. Mäerz 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dréngend parlamentaresch Fro (Art. 84 vum Chambersreglement) un den Här Staatsminister, den Här Bausseminister an d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Den éisträichesche Bundeskanzler Sebastian Kurz huet den 12. Mäerz, no enger Pressekonferenz iwwer d'Verdeelung vun den Impfstoffer an der EU, op sengem facebook-Profil dëst geschriwwen:

"*Die letzten Wochen haben aber gezeigt, dass die Lieferungen nicht anhand des vereinbarten Bevölkerungsschlüssels durchgeführt werden und einige Staaten bedeutend mehr erhalten als andere. Dieses Verfahren widerspricht klar den Zielen der EU. Eine faire Verteilung muss sichergestellt werden, (...)*"

Dës Ongläichgewiichter géingen dozou féieren, datt verschidde Memberstaate méi séier wéi anerer kéinten hir Populatioun impfen, wat dem Zil vun der EU vun enger simultaner Impfdemarche géing widdersprìechen.

Virdrun hat den Här Bundeskanzler schonn de "Steering Board" vun der EU kritiséiert a vun engem "Basar" geschwat a méi Transparenz verlaangt:

*"Doch in Nebenverhandlungen im sogenannten Steering Board der EU wurden anscheinend durch Vertreter eigene Mengen mit den Pharmafirmen vereinbart und eigene Verträge geschlossen. Die Regierungschefs bekamen darüber offenbar keine Informationen."*

Déi Verträg wiere geheim an dowéinst géing den Här Bundeskanzler Kurz si selwer och net kennen. Hien hätt sech an deene leschten Deeg awer mat deenen anere Staats- a Regierungscheffen iwwert dat Thema ënnerhalen.

Dowéinst wollt ech dem Här Staatsminister, dem Här Bausseminister an der Madamm Gesondheetsminister dës Froe stellen:

1. Kennt d'Regierung dës Kritike vum éisträichesche Bundeskanzler, a wéi stellt si sech dozou?
2. Hat den Här Staatsminister dëser Deeg zu deem Thema e Gespréich mam Här Bundeskanzler Kurz, an, wa jo, mat wéi enge Resultater?
3. Wie vertrëtt Lëtzebuerg am Steering Board vun der EU? Wéi beuerteelt Lëtzebuerg d'Behuele vun den EU-Staaten an deem Grupp?
4. Wéi eng Liwwerquantitéite no Produit a par rapport zu senger Populatioun huet Lëtzebuerg bestallt?
5. Wéi eng Staaten hunn Niewenofkommes mat Pharmafirme getraff? Huet Lëtzebuerg och esou Verträg ofgeschloss?
6. Wéi verhalen sech déi Liwwerungen, déi Lëtzebuerg bis elo kritt huet, proportional zu de Quantitéiten, déi déi aner Memberstaate vun der EU kritt hunn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten